N°1904
Entrée le 06.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Am 4. Februar 2025 huet d'Wort bericht, dass de Lëtzebuerger Staat aktuell méi wéi 400 Posten ze besetzen huet. Am Budget 2025 goufen donieft 1.575 nei Poste geschaaft. Dës Zuele weisen op eng konstant Vergréisserung vun der ëffentlecher Verwaltung hin, wärend gläichzäiteg eng gewësse Schwieregkeet besteet, all Posten ze besetzen.

Am Kontext vun enger effizienter Ressourcëplanung an der Garantie vun der Qualitéit vum ëffentleche Service ass et wichteg ze verstoen, wéi sech d'Evolutioun vun de Staatsbeamten an de leschte Joren entwéckelt huet, a wéi d'Regierung mat der Erausfuerderung ëmgeet, déi néideg Rekrutementer ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Gesamtzuel vun de Staatsbeamten (fonctionnaires, employés a salariés) an de leschten 10 Joer entwéckelt?

2. Wéi vill nei Poste goufen an de Budgetsgesetzer fir 2015-2025 accordéiert a wéi vill dovu konnten (pro Joer) net besat ginn?

3. Wéi vill Rekrutementer muss d'Regierung am Joer 2025 am Ganzen duerchféieren (Ersatz + nei Posten), ausgedréckt souwuel a Poste wéi an Equivalent temps plein (ETP)?

4. Wat sinn d'Haaptgrënn firwat bestëmmte Posten net besat kënne ginn a wéi eng Mesuren hëlt d'Regierung fir dësem Problem entgéint ze wierken?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

www.piraten.lu